


# LOUSCHLÄSSEL

Gemeng **Feelen**



Feelen - eis Gemeng!  
Feulen - notre commune !

2 / 2025



# Inhaltsverzeichnis / Sommaire

Editorial / Éditorial	4
<b>D'Feelener Gemeng / La commune de Feulen</b>	
D'Gemeng stellt sech vir! / La commune se présente !	6
Wusst Dir? / Saviez-vous ?	8
Feelen fréier an haut / Feulen hier et aujourd'hui	10
Aweigung vun där neier Gemeng / Inauguration de la nouvelle commune	14
Kulturkommissioun, Scheckiwwerreechung <i>Kindernothilfe Luxembourg</i>	20
Commission culturelle, remise de chèque <i>Kindernothilfe Luxembourg</i>	20
Ëmweltkommissioun, Grouss Botz	21
Commission de l'environnement, <i>Grouss Botz</i>	21
Kommissioun vum interkulturellen Zesummenliewen, Ronnen Dësch	22
Commission du vivre-ensemble interculturel, <i>Ronnen Dësch</i>	23
Kommissioun vum interkulturellen Zesummenliewen, 1. Feelener Picknick	24
Commission du vivre-ensemble interculturel, 1 <sup>er</sup> pique-nique de Feulen	25
<i>Repair Café</i>	26
En onvergisslechen Dag / Une journée à mémoriser	28
<b>D'Feelener Leit / Les gens de Feulen</b>	
Liichtmëssdag zu Uewerfeelen / Fête de la Chandeleur à Oberfeulen	30
<i>Kuebebongert Scheckiwwerreechung / Remise de chèque</i>	31
<i>Sponsored Run</i>	32
<b>Feelener Veräiner / Les associations de Feulen</b>	
Déi <i>Jonk vu gëschter</i> vu Feelen / <i>Les Jonk vu gëschter</i> de Feulen	33
D'Feelener Jugend / L'association <i>Feelener Jugend</i>	34
D'Nidderfeelener Jongen / <i>Les Nidderfeelener Jongen</i>	36
D'Feelener Musek / La « <i>Feelener Musek</i> »	38
Union Sportive Feulen	43
Entente Feelen-Gréiwels-Heischent / Entente Feulen-Grevels-Heiderscheid	46
Den <i>Dammekeeleclub vu Feulen</i> / Le club de quilles <i>Dammekeeleclub</i> de Feulen	50
Kolping Feulen / Kolping Feulen	51
<b>Feelener Fester a Manifestatiounen / Fêtes et manifestations à Feulen</b>	
Buergebrennen / Fête des brandons	54
Wanterwanderung / Randonnée hivernale	55
Noperschaftsfest <i>Op Hopericht</i> / Fête des voisins « <i>Op Hopericht</i> »	56
Nationalfeierdag / Fête nationale	57
Uewerfeelener Kiermes / Kermesse à Oberfeulen	62
<b>De Louschlësselchen</b>	64
<b>Feelener Allerlee / De ci et de ça</b>	
<i>Flower Power</i> by Vanessa	116
<i>Sicona</i>	118
<i>Kannerjugendtelefon</i>	120
Police Grand-Ducale	122
Centre National de Prévention des Addictions	128
Administration de la nature et des forêts	130
<i>MyFeulen</i>	131
<b>Impressum</b>	132

# Editorial

Wéi an der Louschlësselkommissioun d'Fro opkomm ass, wien den Editorial fir dës Nummer géif schreiwen, huet jiddereen op mech, de Ron, gekuckt. Elo sëtzen ech virum Computer a kréie kee richtegen Ufank.

Dat Wuert "Editorial" kléngt gutt, ass awer am Fong näischt anescht wéi e Virwuert. Mee wouhier kënnt de Begrëff "Editorial" eigentlech? Mäi KI-Assistent mengt, et kéim vum englesche Wuert "editor", wat esou vill heescht wéi "Redakter" oder "Herausgeber". Deemno sinn all d'Memberen aus der Kommissioun vum *Louschlëssel* hei gemengt.

Léif Lieserinnen an Lieser, Dir haalt déi 2. Ausgab 2025 vum *Louschlëssel* an den Hänn an am Ganzen ass et ... d'Nummer 28 vun Ärer Gemengenzeitung.

Beim Durchbliedere fält lech op, dat net nëmme Veräiner oder Mataarbechterinnen a Mataarbechter vun der Gemeng zu Wuert kommen. Mir machen eng Rees an d'13. Joerhonnert, wou mir der Famill „von Feulen“ begéinen. Well d'Fra vum Hue von Feulen eng „von Bourscheid“ war, ass aus dem Geschlecht de Wope vu Feulen entstan. Déi spannend Geschicht kënnt Dir an der Rubrik "Wusst Dir schonn ...?" noliesen.

Dir fannt weider Artikelen iwwert déi Feelener Leit, Fester a Manifestatiounen. An net ze vergiessen dem Vanessa säi Blummeneck.

Och eis Schoulkanner kommen an der Rubrik *Louschlësselchen*, geschriwwen vun de Kanner fir d'Kanner, net ze kuerz. Dir wäert gesinn, wat si am *Kuebebongert* esou alles drop hunn an z'erialize wëssen. Loosst lech iwwerraschen! Zënter Kuerzem gött et niewent de *Kueben-News*, déi d'Kanner aus der Klass 3.1B all Mount erausbréngen, eng weider Schoulzeitung. E Redaktiounsgrupp vu Kanner aus de Cyclen 3 a 4 schafft fläisseg um *Kuebi*. Déi éischt Editioun vum *Kuebi* fannt Dir am *Louschlëssel*.

Wéi Dir gesitt, hu vill Käpp an Hänn erëm eng Kéier keng Méi an Aarbecht gescheit, fir lech, léif Leit, eis Gemeng méi no ze bréngen.

Vill Spaass beim Liesen!



# Éditorial



Lorsque, au sein de la commission du *Louschëssel*, se posait la question qui rédigerait l'éditorial pour ce numéro, tous les regards se sont tournés vers moi, Ron. Me voilà assis devant mon ordinateur sans parvenir à trouver un vrai début.

Le terme « éditorial » ne signifie rien d'autre que « préface ». Mais d'où vient ce terme ? Mon assistant IA suggère qu'il vient du mot anglais « editor », ce qui signifie « rédacteur » ou « éditeur ». Par conséquent, ce terme inclut tous les membres de la commission du *Louschëssel*.

Chères lectrices, chers lecteurs, vous tenez entre vos mains le deuxième numéro de l'année 2025 du *Louschlëssel*, ce qui en fait, au total, le numéro 28 de votre journal communal.

En le feuilletant, vous remarquerez que non seulement des associations ou des collaboratrices et collaborateurs de la commune prennent la parole. Nous sommes partis en voyage pour le 13<sup>e</sup> siècle pour rencontrer la famille « von Feulen ». Comme l'épouse de Hue von Feulen appartenait à la famille « von Bourscheid », le blason de Feulen est né de cette lignée. Vous pourrez lire cette passionnante histoire dans la rubrique « Saviez-vous que... ? ».

Vous trouverez d'autres articles sur les habitants et habitantes de Feulen, les fêtes et les manifestations. Sans oublier le coin fleuri de Vanessa !

À ne pas manquer non plus : La rubrique *Louschlësschen*, écrite par les enfants pour les enfants. Les élèves du *Kuebebongert* ont beaucoup à raconter. Laissez-vous surprendre ! Depuis peu, en plus du journal mensuel de la classe 3.1B, les *Kueben-News*, un nouveau journal scolaire, le *Kuebi*, vient de voir le jour. Le groupe de rédaction, composé d'élèves des cycles 3 et 4, y travaille avec beaucoup d'engagement. Vous trouverez la toute première édition du *Kuebi* dans ce numéro du *Louschëssel*.

Comme vous pouvez le constater, de nombreuses têtes et mains ont contribué à ce numéro.

Il ne me reste qu'à vous souhaiter une bonne lecture et beaucoup de plaisir à la découverte des articles.

# D'Gemeng stellt sech vir!

„Ech ginn nach bis op d'Gemeng!“

Dat ass e Saz, dee jiddweree vun eis reegelméisseg gebraucht. An dat aus guddem Grund: D'Gemeng an hir verschidde Servicer suergen dofir, datt d'Liewen zu Uewer an Nidderfeelen ronn leeft an datt d'Mënschen dat hunn an dat kréien, wat se brauchen, fir hei kënnen ze liewen.

Grund genuch, fir déi verschidde Käpp an Hänn, déi d'Riedercher hannendrunn um Lafen halen, virzustellen.

An dëser Editioun ass et um Nadine ...

## Nadine Konsbruck

### Wie bass du?

Ech heeschen Nadine a sinn 41 Joer jonk. Ech wunne säit e bësse méi wéi 2 Joer mat mengen zwee Jongen zu Viichten. Ech sinn allerdéngs gebierteg vun Nidderfeelen a bleiwen och ëmmer e Feelener an mengem Häerz. All Kéier, wann ech aus eiser schéiner Gemeng fortgeplënnert sinn, koum ech no e puer Joer rëm zeréck. Wee weess, wéini et rëm souwäit ass? A menger Fräizäit ënnerhuelen ech vill mat menge Kanner. Schwamme goen, Spillplaze besichen an *UNO* spille steet oft um Programm. Donieft maachen ech gär *Geocaching*, *Escape Rooms*, spille gär Gesellschaftsspiller a Kaarten, wei z. B. *Konter a Matt a Rommee*.



### Wat gefält dir un denger Aarbecht?

Mir gefält u menger Aarbecht virun allem, datt et ganz ofwiesslungsreich ass. Och wann déi meescht Saache reng Bureausaarbecht sinn, huet een ëmmer rëm aner Sachen z'erleedegen. Deelweis ass et och e bësse Detektiv-aarbecht, wann z. B. laut engem Bierger eng Rechnung bezuelt ass, d'Suen awer net um Kont ukomm sinn. Da muss ee recherchieren, wou de Probleem läit. Duerch d'Gestioun vum Personal hunn ech och vill Kontakt mat de Mataarbechter, wat och ganz flott ass.

### Wat ass deng Aarbecht op der Gemeng?

Ech sinn d'Receveuse vun der Gemeng. Ech këmmere mech ëm hire finanziellen Haushalt. Eng vun den Haaptaufgaben ass d'Bezuele vun de Rechnungen, déi d'Gemeng vun de Fournisseuren ausgestallt kritt. Op där anerer Säit erstellen ech och d'Rechnunge vun der Gemeng un d'Bierger, wei z. B. Är Waasserrechnungen, d'Rechnunge fir d'Locatioun vum *Hennesbau*, fir de Kierfecht. Leider muss ech och reegelméisseg Rappeller verschécken a souguer munchmol Poursuitten iwwert d'Gericht an d'Weeër leeden. Dëst ass déi onschéi Säit vun menger Aarbecht. Donieft assistieren ech dem Sekretär bei der Gestioun vum Personal vun der Gemeng a bezuelen d'Paen aus.

### Zu gudder Lescht ...

Ech si frou, fir d'Feelener Bierger ze schaffen, zumools well mir vill un der Gemeng läit. Ech soen awer och ëmmer: Et ass besser fir lech, wann ech Ären Numm net kennen, dann hunn ech, wat d'Bezuele vun den Rechnungen ugeet, kee Probleem mat lech. Mee fir all Probleem gëtt et eng Léisung. Wann et eemol finanziell net opgeet, wat an der haiteger Zäit gäre virkomme kann, da mellst lech roueg bei mir, zesumme fanne mir eng Léisung.

# La commune se présente !

« Je vais passer à la commune ! ».

C'est une phrase que chacun d'entre nous utilise régulièrement. Et pour cause : L'administration communale dresse le cadre au bon fonctionnement d'Ober- et Niederfeulen et veille à ce que les habitants et habitantes aient tout ce dont ils et elles ont besoin pour y vivre.

Une raison de plus pour présenter les différentes mains et têtes qui font tourner les rouages. Dans cette édition, Nadine va présenter son travail ...

## Nadine Konsbruck

### Qui es-tu ?

Je m'appelle Nadine et j'ai 41 ans. Depuis un peu plus de deux ans, j'habite à Vichten avec mes deux garçons. Cependant, je suis originaire de Niederfeulen et je porterai toujours Feulen dans mon cœur. Chaque fois que j'ai quitté notre belle commune, j'y suis revenue quelques années plus tard. Qui sait quand ce sera à nouveau le cas ? Pendant mon temps libre, je fais beaucoup d'activités avec mes enfants : aller nager, visiter des aires de jeux et jouer au jeu *UNO*. À part ça, j'aime faire du *geocaching*, des *escape rooms*, jouer à des jeux de société et à des jeux de cartes, comme, par exemple, *Konter a Matt* et *Rommé*.

### Comment décrirais-tu ton travail à la commune ?

J'occupe le poste de receveur communal. Je m'occupe de la gestion financière de la commune. Une de mes tâches principales, c'est le paiement des factures émises par les fournisseurs. D'un autre côté, j'établis également les factures de la commune à destination des citoyens, comme par exemple, vos factures d'eau, les factures pour la location du *Hennesbau* ou le cimetière.

Malheureusement, je dois régulièrement envoyer des rappels et parfois même engager des poursuites judiciaires. C'est le côté moins agréable de mon travail.

De plus, j'assiste le secrétaire dans la gestion du personnel communal et je m'occupe du paiement des salaires.

### Qu'est-ce qui te plaît le plus dans ton travail ?

Mon travail est varié et diversifié. Même si la plupart des tâches sont du travail de bureau, il y a toujours de nouvelles choses à faire. Parfois, c'est du travail de détective — par exemple, lorsqu'un citoyen affirme avoir payé sa facture, et que l'argent n'est pas encore arrivé sur le compte. Alors

il faut chercher la source du problème.

Grâce au volet « gestion du personnel », j'ai aussi beaucoup de contact avec les collègues, ce qui est très agréable.

### Pour finir ...

J'aime travailler pour les habitants de la commune, comme la commune me tient vraiment à cœur. Je me dis souvent en rigolant : C'est mieux pour vous si votre nom m'est inconnu – ce qui signifie que vous n'avez jamais eu de soucis pour payer vos factures! Mais s'il y a un problème, il y a toujours une solution. Si vous avez des difficultés à payer, ce qui, de ces jours, peut arriver à tout le monde, n'hésitez pas à me contacter. Ensemble, on va trouver une solution.

## Wusst Dir ...

### ... datt et ëm d'Joer 1294 e Geschlecht "von Feulen" gouf?


D'Gebai vun der Famill war en onbefestegt Haus. Et stoung op där Plaz, wou haut d'Pompjeeschoul (*Ecole nationale du service d'incendie et de sauvetage*), dee fréiere Sanatorium, steet. Zum Haus vun deene "von Feulen" hunn och Gidder zu Buurschent gehéiert. Warscheinlech ware si d'Matgëft vun der Duechter aus dem Haus Buurschent, déi kuerz ëm 1294 den "Hue von Feulen" bestuet huet.

### ... datt de Feelener Wopen aus dësem Bestietnes kënn?

Déi "von Feulen" (Hue, Johann, Wilhelm an Heinrich) hu kuerzerhand d'Zeechen aus dem Wope vun deene

"von Bourscheid" iwwerholl. Déi dräi Séirousen hu si mat engem Wandhond gebrach. Hei een Auszoch aus enger Notiz vum 14. Mäerz 1983 vum Schoulmeeschter François Decker: *"Das Wappen der Gemeinde Feulen ist die genaue Nachbildung des Siegels des Wilhelm II. von Feulen, wie er es auf einer Urkunde vom 22. Februar 1368 verwendete. Die drei Seerosen weisen auf Bourscheid hin"*.

Säit der Joerdtausendfeier 1963 gouf de Wopen zu Feelen benotzt. D'Gemeng Feelen huet 1974 de Wopen an de Faarwen ugepasst: e sëlweregen oder wäissen Hannergrond mat engem schwaarze Wandhond (*lévrier courant de sable\**) ëmgi vun dräi roude Séirouseblieder (*feuilles de nénuphar de gueules\**). 2007 krut d'Gemeng Feelen en neie Logo, op Basis vun dem besteeënde Wopen. Dëse gëtt zanterhier benotzt.



#### Quellen:

- Decisioun vum Gemengerot vum 18. September 1980;
- *Arrêté Ministériel* vum 6. November 1980 (Mémorial 1980 S.1143);
- *Geschichte der Gemeinde Feulen* (<https://feulen.lu>);
- *Louschlëssel* 12 (Text vum Fernand Etgen).

\* **Erklärung:** An der heraldescher Sprooch heescht "sable" "schwaarz" a "gueules" heescht "rou".

## Saviez-vous ...

### ... qu'autour de l'an 1294 existait une lignée nommée « von Feulen » ?

Leur demeure noble était une maison non fortifiée. Elle se situait à l'emplacement de l'école nationale du service d'incendie et de sauvetage, la *Pompjeesschoul*. La famille « von Feulen » possédait des domaines à Bourscheid. Il semble qu'elle aurait reçu ces terres en dot, par l'intermédiaire de la fille de la maison de Bourscheid, qui aurait épousé vers 1294 *Hue von Feulen*.


### ... que les armoiries de Feulen proviennent de ce mariage ?

Les « von Feulen » (Hue, Johann, Wilhelm et Heinrich) reprirent les symboles des armoiries des « von Bourscheid ».

Ce blason aux trois nénuphars fut interrompu par un lévrier courant, créant ainsi un nouveau blason, les armoiries de la commune de Feulen. Ci-après un extrait d'une note du 14 mars 1983 de l'instituteur François Decker : « Le blason officiel de la commune de Feulen est la reproduction exacte du sceau de Guillaume II de Feulen, tel qu'il se trouve apposé sur un document du 22 février 1368. Les trois nénuphars font référence à Bourscheid. »

Le blason est utilisé depuis la fête du millénaire en 1963. En 1974, la commune de Feulen a adapté les couleurs du blason : un fond argenté ou blanc, avec un lévrier noir courant (lévrier courant de sable\*), entouré de trois feuilles de nénuphar rouges (feuilles de nénuphar de gueules\*). En 2007, la commune de Feulen a adopté un nouveau logo sur base du blason existant. Ce logo est utilisé depuis lors.

## Gemeng **Feulen**



#### Sources :

- Décision du Conseil communal du 18 septembre 1980 ;
- *Arrêté ministériel* du 6 novembre 1980 (Mémorial 1980 p.1143) ;
- Histoire de la commune de Feulen (<https://feulen.lu>) ;
- *Louschlëssel* n°12 (article de Fernand Etgen).

#### \* Explication :

En langage héraldique, « sable » signifie « noir » et « gueules » signifie « rouge ».

# Feelen fréier an haut

## Den Hennesbau

### Wou kënt den Numm *Hennesbau* hier?

Den Numm "Hennes" stamt vum Piechter a spéidere Besëtzer vun der *Hennes Vogtei*, dem Friederich Hennes (gebuer 1628).

### Eng Rees zeréck an der Zäit ...

D'Geschicht vum *Hennesbau* geet zeréck bis an d'17. Joerhonnert. Am Joer 1673 stoung scho bei der Féel eng Loumille. Den deemolege Besëtzer Wilhelm Moentges huet dës Loumille fir 16 Lëtzebuerger Dalere an de **Friedrich Hennes** "verlout". Hien duerft d'Millen während zwee Deeg an der Woch notzen.

1766 ware warscheinlech méi Awunner vum Duerf un der Notzung vun der Loumille bedeelegt. D'Millen huet dee-

mools zu den "Heintzengüter" gehéiert. De Betrib schéngt awer alles anescht wéi rentabel gewiescht ze sinn, well si schreiw 1766 : „eine Lohmühle so ruiniert und pfleglos (...) nechst obent dem Dorf, von welcher loh millen ich in 20 jahr kein profit gehabt habe.“ (Die Mühlen des Luxemburger Landes, E. Erpelding, 1981, S. 255-256).

Well d'Millen op där Plaz, wou se stoung, net rentabel war, wollt de **Jean-Henri Elsen**, den Ierwe vun den "Heintzengüter", eng Loumille bei der Waark opriichten. Säi Projet ass um Widderstand vun de Feelener Awunner gescheitert. Si hu gefäert, datt si dann net méi genuch Waasser hätten, fir hir Stécker ze bewässeren. 1823 krut de Jean-Henri Elsen dunn d'Geneemegung, fir en Industriegebai mat Käremillen, Uelegmille a Seeërei op dem Terrain "in Müntgespesch", bei der Féel opzeriichten. Den Här Elsen ass awer schonn 1836 gestuerwen, esou datt dës Pläng net ganz ëmgesat goufen.

Nom Doud vum Jean-Henri Elsen huet de **Jean-Pierre Berns** 1851 d'Loumille kauft.

### Quellen:

- Site vun der Gemeng Feelen: [www.feulen.lu](http://www.feulen.lu);
- *Feelen gëschter an haut*. Gemeng Feelen & Kulturkommissioun, 2009;
- *Die Mühlen des Luxemburger Landes*. E. Erpelding, 1981, Imprimerie Saint-Paul.

Der Famill Wagner vu Feelen e grouse Merci fir hir Ënnerstëtzung bei der Redaktioun vun dësem Artikel.



Et gouf e Späicher fir d’Lou, e Schapp fir Ween a landwirtschaftlech Geräter, eng Seeërei an e Stall am Keller.

No 1945 ass den *Hennesbau* just nach als Scheier a Stall genotzt ginn.

### **Wéi aus dem *Hennesbau* e Centre culturel gëtt ...**

1979 huet d’Gemeng Feulen den *Hennesbau* kaaft an huet aus dem Gebai e Kulturzentrum gemaach. Den *Hennesbau* gouf komplett sanéiert. Hei ass drop opgepasst ginn, datt dat aalt Gebai géif erhale bleiwen an esou de fréieren Zweck vum Gebai nach z’erkennt wier. Dat erkläert och déi ganz spezifesch Architektur vum Gebai.

Um Rez-de-chaussée gëtt et e Café-Restaurant mat enger grousser Terrass, um éischte Stack an um zweete Stack zwee Sall vu verschiddene Gréisste fir ze lounen: de “Musée” an de Festsall.

2008 ass den *Hennesbau* dann eng weider Kéier renovéiert ginn. De Rez-de-chaussée gouf vergréissert: Et gouf ënnert anerem eng Kiche fir de Catering bei Manifestatiounen agericht. Ausserdeem huet den *Hennesbau* e Panorama-Lift kritt an de Parking gouf vergréissert.

Den *Hennesbau* gouf de 7. November 2012 op d’Lëscht vum Zousazinventaire vun de klasséierte Monumenter agedroen.

Am *Hennesbau* kënnen vill verschidden Evenementer ofgehale ginn, wéi beispillweis Hochzäiten, Gebuertsdeeg a Kommuniounen, Versammlungen an Informatiounsowender, Ausstellungen, Baler, Fester an aner Evenementer wéi d’Fëschfest an de Quizowend.

### **Wusst Dir ...**

... datt et en änlecht Gebai, wann och méi kleng wéi den *Hennesbau*, zu Pënsch am Éislek gëtt? Et ass derwäert fir kucken ze goen ....



# Feulen hier et aujourd'hui

## Le Hennesbau

### D'où vient le nom *Hennesbau* ?

Friedrich Hennes, locataire, puis propriétaire de la prévôté « Hennes », semble être à l'origine du nom « Hennesbau ».

### Un voyage dans le temps ...

L'histoire de la ferme Hennes remonte au XVII<sup>e</sup> siècle. Dès 1673, un moulin à écorce (*Loumillen*) se trouvait déjà près du ruisseau Feul. Le propriétaire Wilhelm Moentges loua ce moulin à écorce pour 16 thalers luxembourgeois à Friedrich Hennes, lui donnant ainsi l'autorisation de l'utiliser deux jours par semaine.

En 1766, plusieurs habitants du village participaient probablement à l'exploitation du moulin à écorce. À cette époque, le moulin appartenait aux biens « Heintzengüter ».

L'exploitation du moulin ne sembla toutefois pas être rentable, puisqu'en 1766, les villageois se lamentèrent : « un moulin à écorce, aussi ruiné que négligé (...) situé juste au-dessus du village, d'où je n'ai tiré aucun profit en 20 ans » (traduction d'après le texte original : *Die Mühlen des Luxemburger Landes*, E. Erpelding, 1981, p. 255-256).

Comme le moulin à son emplacement initial ne fut pas rentable, **Jean-Henri Elsen**, héritier des « Heintzengüter », voulut construire un nouveau moulin à écorce au bord de la rivière *Wark*. Son projet échoua à cause de l'opposition des habitants de Feulen, qui craignirent de ne plus avoir assez d'eau pour irriguer leurs prés.

En 1823, Jean-Henri Elsen obtint finalement l'autorisation de construire un bâtiment industriel avec moulin à céréales, moulin à huile et scierie sur le terrain « in Müntgespesch », près du ruisseau Feul. Cependant, M. Elsen décéda en 1836.

Après la mort de Jean-Henri Elsen, **Jean-Pierre Berns**

### Sources :

- Site web de la commune de Feulen : [www.feulen.lu](http://www.feulen.lu) ;
- *Feulen gëschter an haut*. Commune de Feulen & Commission de la Culture, 2009 ;
- *Die Mühlen des Luxemburger Landes*. E. Erpelding, 1981, Imprimerie Saint-Paul.

Un grand merci à la famille Wagner qui a conseillé le groupe de rédaction lors de la conception de l'article.



acheta le moulin à écorce en 1851. Il y avait un entrepôt pour l'écorce, un hangar pour les charrettes et les outils agricoles, une scierie et une étable au sous-sol.

Après 1945, la ferme Hennes était utilisée en tant que grange et étable.

### La transformation du *Hennesbau* en centre culturel ...

En 1979, la commune de Feulen acheta le *Hennesbau* et le fit transformer en centre culturel. Le bâtiment fut entièrement rénové. Une attention particulière fut portée à la préservation des éléments typiques de l'architecture du bâtiment, afin que sa fonction d'origine reste reconnaissable.

Depuis, le rez-de-chaussée accueille un café-restaurant avec une grande terrasse. Au premier et au deuxième étage se trouvent deux salles de tailles différentes à louer : le « Musée » ainsi que la salle des fêtes.

En 2008, le *Hennesbau* fut à nouveau rénové : le rez-de-chaussée fut agrandi, notamment avec l'aménagement d'une cuisine pour le service traiteur. De plus, un ascenseur panoramique fut installé et le parking fut agrandi lui-aussi.

Le bâtiment fut inscrit le 7 novembre 2012 à l'inventaire supplémentaire des immeubles classés patrimoine culturel national.

Le *Hennesbau* peut accueillir une grande variété d'événements : des mariages, anniversaires et communions, assemblées et soirées d'information, expositions, bals, fêtes et autres événements comme la fête du poisson ou la soirée quiz.

### Le saviez-vous ...

... qu'il existe un bâtiment similaire – bien que plus petit que le *Hennesbau* – à Pintsch dans l'Oesling et qui vaut vraiment le détour ?



# Aweigung vun där neier Gemeng

24. Januar 2025

No eppes méi wéi véier Joer Bauzäit ass de 24. Januar 2025 dat neit Gemeindegebai ageweit ginn. Den Inneminister Léon Gloden hat sech et net huele gelooss, fir selwer bis op Feelen eropzecommen an de Gemengevertrieder beim Durchschneide vum Bändchen eng Hand unzepaken.

## Vun der Baaschtnecherstrooss op d'Baach ...

Déi al Gemeng, zanter 1980 am ale Paschtoueschhaus an der Route de Bastogne, war scho laang ze kleng. Well an deene méi wéi 40 Joer, wou se hei war, huet sech vill gedoen: D'Aufgabe vun der Gemeng si méi an och méi komplex ginn; d'Ekipp ass gewuess, awer Plaz ass keng

dobäi komm. Et war deemno un der Zäit, sech no eppes Neiem ëmzekucken.

2016 huet sech d'Geleeënheet gebueden, fir de Baurenhaff vum Här Jean-Pierre Wahl, dem Jemmy, wéi e genannt gouf, ze kafen. Et war eng bewosst Entscheidung, fir déi nei Gemeng net op der "grénger Wiss" ze plangen, mee an der Mëtt vum Duerf. No bei de Leit. Ënnert de Leit. Gutt erreechbar.

Déi nei Gemeng sollt eng Plaz gi fir d'Mënschen. Fir déi, déi hei schaffen an déi, déi heih kommen, well si eppes brauchen. Eng Plaz, wou ee gäre schafft a gären hikënnt. Eng Plaz, wou een dat Nätzlecht mat deem Angeneeme verbanne kann. Dës Iddien hu sech vun Ufank u wéi e



roude Fuedem duerch den Ëm- an Neibau gezunn.


De 25. an de 26 Januar konnten all intresséiert Bierger aus der Gemeng sech e Bild vum Resultat maachen: Bei Geleeënheet vun der Aweigung stoungen d'Dire vun der Gemeng grouss op. Eng frëndlech Entrée mat engem geraimegen Accueil. E groussen an helle Sitzungs- an Hochzäitssall, wou dee schéinste Moment am Liewen nach méi schéi gëtt. Ee Bureau fir all Mataarbechter a Mataarbechterin, d'Andeelung vun de Raimlechkeeten no Servicer (Populationsbureau, Service technique, Sekretariat a Recette). E Schäfferotszëmmer an e Versammlungsraum fir d'Kommissiounen, eng grouss Kichen um zweete Stack an Archiven ënnert dem Daach, déi den haitege Sécherheitsbestëmmungen entsprechen. An net ze vergiessen,

e Parking mat Plaze fir d'Personal, d'Visiteuren an d'Kliente vum Bäcker. Well jo, fir den Honger, den Duuscht oder d'Loscht op eppes Séisses ass och gesuergt.

### Den éischte Schrëtt ass gemaach ...

D'Gemeng ass en éischten, wichtege Schrëtt an engem méi groussen Projet, dem Réaménagement vum neien Duerfkär vu Feulen "op der Baach", iwwert dee mir am Detail am *Louschlëssel* 24 geschriwwen hunn. Eng nächst Etapp wäert den Ëmbau vum Haff Hess sinn, wou abordable Wunnraum geschafe gëtt. Heirop wäerte mir am Detail an engem vun deenen nächste *Louschlësselen* agoen.







# Inauguration de la nouvelle mairie

**24 janvier 2025**

Après un peu plus de quatre ans de travaux, la nouvelle mairie a été inaugurée le 24 janvier 2025. Le ministre des Affaires Intérieures, Léon Gloden, n'a pas manqué de faire le déplacement jusqu'à Feulen pour assister personnellement à la cérémonie.

## **De la route de Bastogne à la « Baach » ...**

L'ancienne mairie, installée depuis 1980 au numéro 25, route de Bastogne, s'avérait depuis longtemps être trop petite. En quarante ans, beaucoup a changé. Les missions de la commune se sont multipliées et complexifiées : l'équipe s'est agrandie, tandis que l'espace à sa dispo-

sition est resté le même. Il était donc temps de chercher ailleurs.

En 2016, l'opportunité se présenta d'acheter la ferme de M. Jean-Pierre Wahl, surnommé Jemmy. Le choix de ne pas construire la nouvelle mairie en périphérie, mais bien au cœur du village, fut volontaire. Proche des gens. Facilement accessible.

Dès le début, la nouvelle mairie fut conçue comme un lieu de vie pour les gens. Pour ceux qui y travaillent comme pour ceux qui font appel aux services communaux. Un lieu où l'on aime travailler et où l'on aime se rendre. Un lieu où l'on peut allier l'utile à l'agréable.



Les 25 et 26 janvier, chaque citoyen intéressé a pu venir découvrir le résultat des processus de transformation et de construction : À l'occasion de l'inauguration, les portes de la mairie furent grandes ouvertes. Et dès les premiers pas, on pût s'apercevoir de l'esprit des lieux : Une entrée accueillante avec un espace d'accueil spacieux. Une grande et lumineuse salle de réunions et de mariages conçue afin de rendre le plus beau jour de la vie encore plus beau. Un bureau pour chaque collaborateur et collaboratrice, une répartition des locaux par service (bureau de la population, service technique, secrétariat et recettes). Une salle pour le collège échevinal, une salle de réunion pour les commissions, une grande cuisine au deuxième étage et des archives sous les combles, répondant aux normes de sécurité actuelles. Sans oublier un parking avec des places

pour le personnel, les visiteurs et les clients de la boulangerie. Car oui, la faim, la soif ou une envie gourmande ont aussi été prises en compte.

### Un premier pas est franchi...

Le nouveau bâtiment de l'administration communale constitue le premier volet d'un projet plus vaste : L'aménagement du centre de village « op der Baach », un sujet que nous avons traité en détail dans le numéro 24 du *Louschlëssel*. La prochaine étape sera la transformation de la ferme Hess, où des logements abordables verront le jour. Nous reviendrons plus en détail sur ce sujet dans l'un des prochains numéros du *Louschlëssel*.



# Kulturkommissioun

# Commission de la culture

## Scheckiwwerreechung zu Gonschte vun *Kindernothilfe Luxembourg*

3. Mäerz 2025

Den 3. Mäerz 2025 huet an de Raimlechkeete vun där neier Gemeng eng Scheckiwwerreechung vun der Kulturkommissioun zu Gonschte vun *Kindernothilfe Luxembourg* stattfonnt.

Den Erléis vun 1.200 Euro vum Chrëschtconcert den 8. Dezember 2024 an der Parkierch zu Uewerfeelen, bei deem déi bekannte Chorale *VoicEmotion* opgetrueden ass, gouf am Kader vun enger klenger Feier un d'Madamm Kristine Solf, Verriederin vun *Kindernothilfe Luxembourg*, iwwerrecht.

D'Madamm Solf huet erkläert, datt den Don engem Projet fir d'Ënnerstëtzung vu Flüchtlingkanner am Libanon zoukomme wäert. Am Libanon liewen nach ëmmer méi wéi 1,5 Milliounen Flüchtlingen – vill dovun si Kanner. Déi meescht Flüchtlingfamilje liewen a grousser Aarmut a kréien net déi néideg Hëllef, fir hir Grondbedierfnesser ze decken.

### Fir weider Informatiounen:

Kindernothilfe Luxembourg [www.kindernothilfe.lu](http://www.kindernothilfe.lu).

## Remise d'un chèque en faveur de l'organisation *Kindernothilfe Luxembourg*

3 mars 2025


Une cérémonie de remise de chèque au profit de l'organisation *Kindernothilfe Luxembourg*, organisée par la Commission de la culture de la commune, a eu lieu dans les nouveaux locaux de la commune.

Le montant de 1.200 euros collectés à l'occasion du concert de Noël du 8 décembre 2024 à l'église paroissiale d'Oberfeulen avec l'ensemble vocal bien connu *VoicEmotion*, a été remis à Madame Kristine Solf, représentante de *Kindernothilfe Luxembourg*, dans le cadre d'une petite réception.

Madame Solf a expliqué aux personnes présentes que ce don servirait à financer un projet de soutien aux enfants réfugiés au Liban. Ce pays accueille encore plus de 1,5 million de réfugiés, dont une grande partie sont des enfants. La plupart des familles réfugiées vivent dans une pauvreté extrême, sans l'aide nécessaire pour subvenir à leurs besoins fondamentaux.

### Pour en savoir plus :

Kindernothilfe Luxembourg [www.kindernothilfe.lu](http://www.kindernothilfe.lu)



# Ëmweltkommissioun

# Commission de l'environnement

## Grouss Botz

22. Mäerz 2025

Samsdes, den 22. Mäerz 2025, hate mir eis alljärelech Grouss Botz an der Gemeng Feelen, bei där ronn 45 Fräiwëlleger gehollef hunn. Opgedeelt an 9 Gruppe goufen e sëllege Weeër zu Nidder- an Uewerfeelen gebotzt. Uschléissend huet d'Gemeng wéi ëmmer all déi Fräiwëlleg op e Patt an eppes vum Grill invitéiert.

### E puer Statistiken ...

Insgesamt goufe ronn 30 Tute Knascht, Plastik, Béchsen a Glas opgeraf. Dobäi koume Pneuen, Kanisteren, verraschte Metallstécker an e Stéck vum Parechoc vun engem Auto. Dat Exoteschst, wat dëst Joer opgeraf gouf, war awer definitiv e Globus-Puzzle vun 1000 Stécker. Op dëser Plaz e grouse Merci un d'Ekipp, déi d'Motivatioun an den Enthusiasmus hat, fir dësen integral opzerafen.

Et ass ëmmer erëm flott ze gesinn, datt sou vill Leit fräiwëlleg hëllef, eis Natur ze botzen a Knascht opzerafen, dee si selwer net verursaacht hunn. Dofir e grouse Merci!

### E puer Iwwerleeungen zum Schluss ...

Et kéint ee jo mengen, et wier gesonde Mënshverstand, datt ee säin Dreck mat heem hält an do ewechgeheit. Wann een allerdéngs kuckt, wat Joer fir Joer op eiser Grousser Botz fir eng Quantitéit opgeraf gëtt, gëtt een eppes Bessere beléiert. An deem Sënn ee klengen Opruff: Huel Ären Dréck mat heem an entsuergt en do korrekt, amplaz dësen einfach an d'Natur ze geheien. Och dofir e grouse Merci.



## Grouss Botz, le grand nettoyage

22 mars 2025

Samedi, le 22 mars 2025, a eu lieu dans notre commune la *Grouss Botz*, le grand nettoyage annuel auquel environ 45 volontaires ont participé. 9 groupes ont ramassé les déchets aux alentours de divers chemins à Niederfeulen et Oberfeulen. Comme chaque année, la commune a offert une grillade et des boissons.

### Quelques statistiques ...

En total, 30 sacs furent remplis de déchets, de plastique, de cannettes et de verre. S'y ajoutèrent des pneus, des métaux rouillés et un morceau d'un parechoc d'une voiture. La trouvaille la plus exotique fut un puzzle de 1000 pièces. Un grand merci à l'équipe qui eut la motivation et l'enthousiasme de ramasser chaque pièce.

C'est toujours un plaisir de voir autant de volontaires s'engager pour nettoyer notre nature et ramasser des déchets qu'ils n'ont pas jetés eux-mêmes. Un grand merci à toutes et à tous !

### ... suivies de quelques réflexions

On serait amené à croire qu'il relève du bon sens de ramener ses déchets chez soi pour les jeter correctement. Cependant, la quantité de déchets récoltés annuellement nous fait croire le contraire. Un petit appel à la responsabilité de chacun d'entre nous : Ramenez vos déchets chez vous et jetez-les de manière appropriée, au lieu de les abandonner dans la nature. Un grand merci aussi pour ce geste.

# Kommissioun vum interkulturellen Zesammenliewen

## Ronnen Dësch

28. Abrëll 2025 zu Luerenzweiler

Zënter 2016 bréngt de “Ronnen Dësch” Mënschen zesammen, déi sech fir de Sujet vun der Migratioun interesséieren a sech och domat beschäftegen. 120 Vertrieeder a Vertreterinnen aus Gemengen, Institutionen an Associatiounen hu sech den 28. Abrëll 2025 zu Luerenzweiler bei Geleeënheet vun der 15. Editioun vum “Ronnen Dësch” getraff. D’Gemeng Feelen war duerch d’Flore Schank an duerch de Ron Oestreicher, Membere vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen, vertrueden.

### Diskussiounen

Déi follgend Froe goufe wärend der Plenarsëtzung diskutéiert. Detailler fannt Dir ënnert <https://www.ronnendes.ch/>.

- De Regierungsprogramm gesäit vir, datt d’Regierung fir déi Mënschen, déi internationale Schutz ufroen, Sproochecoursen a Coursë fir d’Zesammenliewen organiséiert. Déi Coursë si Pflicht. Wéi gëtt dëse politesche Wëlle konkret ëmgesat?
- Wéi eng Ressourcen (z. B. finanziell Ënnerstëtzung, Logistik) stellt den ONA (den *Office national de l’accueil*) de Gemengen zur Verfügung, fir d’Ënnerbréngung vun den DPI (*Demandeurs de protection internationale*) z’erméiglechen?
- Den Equipement vu Kichen an de Foyeren als Deel vun der Responsabiliséierung vun den “Demandeurs de protection internationale” (DPI) an de “Bénéficiaires de protection internationale” (BPI): Wéi entwéckelt sech dëse Programm, dee vum ONA an d’Liewe geruff gouf?
- Bedeelegung vun den DPI/BPI un dem Liewen am Foyer: Funktionéiert d’Abannen an d’Responsabiliséierung duerch bezuelte gemeinschaftlech Aarbechte schonn, a wann net, ass dëst geplangt an zu wéi engem Stonneloun?

### Präsentatiounen an Interventiounen

De **Lëtzebuurger Flüchtlingsrot-Collectif Réfugiés** weist op systematesch Versäumnisser bei der Opnam vun Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg hin. Hir Fuerderung ass et, datt all Acteur sech un engem strukturéierten Dialog bedeelegt, fir esou eng wüdeg Opnam am Aklang mat de Wäerter vum Zesummeliewen zu Lëtzebuerg z’erméiglechen.

D’Associatioun **Life asbl** stellt e Projet vir, bei deem den Accent op d’Fërderung vu Wunnengemeinschaften geluecht gëtt.

De **Veräin “Gutt Wunnen”** stellt hire Programm “Gutt Wunnen” vir. Dës Organisatioun ass duerch e Partenariat tëschent sechs Gemengen an zwee Sozialbüroen entstan, dorënner Biissen, Miersch, Steesel, Lëntgen, Helperknapp a Luerenzweiler.

Feststellung vum **Charel Schmit, Ombudsmann fir Kanner a Jugendlecher (OKaJu)** zu de Recommendationen aus dem Rapport 2022 “Une enfance mise en suspens – situation et accueil des enfants issus de l’exil au Luxembourg”. Et ass kloer, datt déi meeschten Empfehlungen net ëmgesat goufen. Ongerechtegkeeten um Niveau vun de besteeënde Prozeduren bestinn nach ëmmer. De Monitoring vun der Wanteraktioun ass noutwenneg. D’Situatioun vum Accueil a vum Logement ass schwierig an inakzeptabel notamment fir onbegleete Mannerjäreger.

**OIKOS Concept** presentéiert modular Bauléisungen. An deenen temporären oder permanente modulare Projekte kënnen Flüchtlingen ënnerbruecht ginn.

**Virstellung vum Sproocheprogramm “Parle”:** D’Léieren an de Gebrauch vun engem berufsspezifische franséische Wuertschaz sollen dobäi hëllef, eng Plaz ze fanen an d’Autonomie vum Eenzelen ze vergréisseren.

Leider konnten aus Zäitgrënn net all Froe gestallt an net all Interventiounen gemaach ginn.

Source: Newsletter 15 vum 28. Abrëll 2025 ([www.ronnendes.ch/](https://www.ronnendes.ch/))



# Commission du vivre-ensemble interculturel



## Ronnen Dësch

28 avril 2025 à Lorentzweiler

Depuis 2016, le « Ronnen Dësch » réunit des personnes intéressées et concernées par des thématiques liées à la migration. 120 représentants et représentantes de communes, d'institutions et d'associations se sont réunis le 28 avril 2025 à Lorentzweiler pour la 15<sup>e</sup> édition du « Ronnen Dësch ». La commune de Feulen y était représentée par Flore Schank et Ron Oestreicher, membres de la Commission du vivre-ensemble interculturel.

### Discussions

Les questions qui suivent, ont été discutées lors de la plénière. Vous pouvez consulter le détail sur <https://www.ronnendes.ch.lu/>.

- Le programme gouvernemental stipule que « le gouvernement organisera des cours de langues et de vivre-ensemble pour tous les demandeur.e.s de protection internationale. Ces cours seront obligatoires. » Comment cette volonté politique affichée sera-t-elle mise en œuvre ?
- Quels sont les moyens alloués par l'ONA (Office national de l'accueil) aux communes pour mettre en place des hébergements pour DPI (Demandeurs de protection internationale)?
- L'équipement des foyers en cuisines dans le cadre de la responsabilisation des DPI/BPI (Bénéficiaires de protection internationale) : Comment évolue le programme initié par l'ONA à ce sujet ?
- La participation des DPI et BPI à la vie en foyer : une implication et responsabilisation par le biais de travaux communautaires rémunérés fonctionne-t-elle déjà, sinon est-elle prévue et à quel « tarif » horaire ?

### Présentations et interventions

- Le **Lëtzebuurger Flüchtlingsrot-Collectif Réfugiés** a relevé les défaillances systématiques dans

l'accueil des réfugiés au Luxembourg. Il a fait appel aux parties prenantes pour un dialogue structuré permettant un accueil digne et conforme aux valeurs du vivre-ensemble au Luxembourg.

- « Life asbl » a présenté un **projet de promotion de la colocation**.
- L'**Asbl « Gutt Wunnen »** a présenté le programme « Gutt Wunnen ». L'asbl est née d'un accord de partenariat entre 6 communes et 2 offices sociaux dont Bissen, Mersch, Steinsel, Lintgen, Helperknapp et Lorentzweiler.
- Constats de **Charel Schmit, Ombudsman fir Kan-ner a Jugendlecher (OKAJU)** par rapport aux suites accordées aux recommandations du rapport 2022 de l'OKAJU « Une enfance mise en suspens – situation et accueil des enfants issus de l'exil au Luxembourg » concernant le logement des personnes dont notamment des enfants et des jeunes, issus des contextes de migration. Force est de constater que la plupart des recommandations n'ont pas été mises en œuvre – les injustices procédurales dans la législation persistent, l'importance d'un monitoring de la *Wanteraktioun* est indispensable, la situation d'accueil et de logement reste préoccupante et inacceptable pour des mineurs non accompagnés dans les foyers .
- **OIKOS Concept** a présenté des solutions de construction modulaires qui incluent la réalisation de projets modulaires provisoires et définitifs visant à loger des réfugiés.
- Présentation du **Programme d'Apprentissage et de Renforcement Linguistique pour l'Emploi « Parle »**, visant à améliorer l'employabilité et l'autonomisation par la pratique du français professionnel appliqué à des métiers.

Certaines questions et présentations n'ont malheureusement pas pu être posées ou présentées, faute de temps.

Source : Newsletter 15 du 28 avril 2025  
([www.ronnendes.ch.lu](http://www.ronnendes.ch.lu))

# Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

## 1. Feelener Picknick

12. Juli 2025

Eng ronn 70 Leit waren der Invitatioun vun der Kommissioun nokomm an hunn den 12. Juli e flotte Moment op der Terrass bei där neier Gemeng verbruecht. Niewent dem lessen, dat jiddweree matbruecht huet, gouf et Schnee-kegkeeten aus aller Welt fir ze deelen.



# Commission du vivre-ensemble interculturel



## 1<sup>er</sup> pique-nique de Feulen

12 juillet 2025

Environ 70 personnes ont passé un moment agréable et convivial aux environs de la nouvelle commune lors de cette première édition du pique-nique de Feulen. En plus du casse-croûte apporté par les participants/-es, il y avait des plats du monde entier à partager.




# Repair Café

24. Abrëll 2025

Déi méttlerweil drétt Editioun vum *Repair Café*, déi d'Gemeng Feelen zesumme mat dem *Center for Ecological Learning Luxembourg (CELL)* a *Repair Café Lëtzebuerg* organiséiert huet, war wéi déi Kéiere virdrunn, e Succès. Kleeder, elektresch an elektronesch Géigestänn an eng ganz Rëtsch méi oder manner stompeg Messere koumen hei zesummen. Vun der Fritteuse iwwert den CD-Player bis hinn zum Luuchtekel, d'Reparateure kruten e sëllege Géigestänn erëm un d'Goen an de Messerschleffer konnt sech och net iwwert Aarbecht bekloen.

E grousse Merci op dëser Plaz deene véier Repareure vu *Repair Café Lëtzebuerg*, déi d'Feelener Ekipp verstärkt hunn. Dir wäert eis eng grous Hëllef.

Enger véierter Editioun steet deemno näischt am Wee. Dës wäert am November 2025 organiséiert ginn..



# Repair Café

24 avril 2025

La troisième édition du *Repair Café*, organisée par la commune de Feulen en collaboration avec le *Center for Ecological Learning Luxembourg* (CELL) et *Repair Café Luxembourg*, a été, comme les éditions précédentes, un succès.

Vêtements, objets électriques et électroniques, ainsi qu'une bonne quantité de couteaux plus ou moins émoussés: De la friteuse au lecteur CD, en passant par le câble de lampe, les réparateurs et réparatrices redonnèrent vie à de nombreux objets, et l'aiguiseur de couteaux ne manqua pas de travail.

Un grand merci à l'équipe des quatre réparateurs de *Repair Café Luxembourg* qui sont venus renforcer l'équipe de Feulen. Vous support a été très apprécié.

Rien ne s'oppose donc à une quatrième édition, prévue pour novembre 2025.



# En onvergiesslechen Dag ... Une journée à mémoriser ...

Dir hutt lech bestuet a wëllt d'Erënnerung un dësen Dag deelen? Da schéckt eis Är Foto op [louschlessel@feulen.lu](mailto:louschlessel@feulen.lu)

Vous vous êtes mariés et vous souhaitez partager vos souvenirs ? Alors n'hésitez pas à nous envoyer vos photographies à l'adresse [louschlessel@feulen.lu](mailto:louschlessel@feulen.lu).



Alain Weber & Melissa Colling



Joseph Hallé & Sophie Besombes



Mike Herzog & Conny Elsen



Pascal Huberty & Sylvie Wagner



Redouane Taketi & Mariette Goldschmit

# Liichtmëssdag zu Uewerfeelen

## Fête de la Chandeleur à Oberfeulen

1. Februar 2025

Ronn 70 Kanner hu sech bei der Kapell an der Route d'Arlon getraff, fir zesumme liichten ze goen. Mat hire flotte Liichtebengelcher a Lantere sinn d'Kanner a véier Gruppen duerch ganz Uewerfeelen, vun Haus zu Haus, gaang an hunn hiert Liichtmëssdag-Lidd gesong. Do wou d'Leit hinnen d'Dir opgemaach hunn, gouf et als Belounung vill Kamellen a Schockela. Zum Schluss hunn d'Kanner an hir Eltere sech erëm alleguer an der Kapell op e gutt Stéck Kuch an e waarme Schocki getraff, wou och déi ganz "Beute" gerecht opgedeelt ginn ass. E grouse Merci jidderengem, dee matgemaach huet.

1<sup>er</sup> février 2025

Environ 70 enfants se sont rassemblés près de la chapelle de la Route d'Arlon afin de célébrer la chandeleur. Répartis en quatre groupes et équipés de leurs beaux lampions, les enfants ont fait le tour du village. Lorsque les portes leur ont été ouvertes, ils ont chanté avec beaucoup d'enthousiasme la chanson de la Chandeleur. En récompense, les enfants ont reçu des sucreries et des chocolats. À la fin, tous les enfants et leurs parents ont regagné la chapelle pour manger un bon morceau de gâteau et boire un chocolat chaud. La récolte de friandises a été répartie entre tous les enfants qui ont participé. Merci à tous pour votre participation.



# Kuebebongert-Scheckiwwerreechung

## Kuebebongert-remise de chèque

### D'Schoulkanner aus dem Kuebebongert ënnerstëtzen d'Associatioun "Trauerwee asbl"

31. Mäerz 2025

D'Kanner aus der Grondschoul an der Maison relais hunn den Erléis vum Chrëschtmaart 2024, dat heescht 10.534 Euro, un d'Associatioun "Trauerwee asbl" iwwerreecht. D'Madamm Alf, Vertrieederin vun der Associatioun, huet de Kanner an dem Personal e grouse Merci gesot. Dono huet si hinnen d'Missiounen an d'Offer vun hirer Vereenegung am Detail erklärt. "Trauerwee asbl" ënnerstëtzt Kanner a Jugendlecher dobäi, fir hir Trauer beim Verloscht vun engem léiwe Mënsch ze verschaffen. Gläichzäitig steet si den Elteren zur Säit a gëtt hinne Sécherheet am Ëmgank mat hire Kanner. Doniewent bitt d'Associatioun Trauergruppe fir Kanner, Elteren a Jugendlecher un, grad ewéi Eenzelbegleedung, Berodung, traumazentriert Fachberodung, Therapie an eng Rei vu Formatiounen.

#### Fir weider Informatiounen:

[www.trauerwee.lu](http://www.trauerwee.lu)



### Les élèves du Kuebebongert soutien- nent l'association « Trauerwee asbl »

31 mars 2025

Les enfants de l'école fondamentale et de la maison relais ont remis le bénéfice du Marché de Noël 2024, soit un montant de 10 534 euros, à l'association « Trauerwee asbl ».

Madame Alf, représentante de l'association, a chaleureusement remercié les enfants et le personnel. Elle leur a ensuite expliqué en détail les missions et les services proposés par son organisation. « Trauerwee asbl » accompagne les enfants et les jeunes dans leur phase de deuil suite à la perte d'un être cher. Elle soutient également les parents en leur offrant des repères pour mieux accompagner leurs enfants. L'association propose des groupes de parole pour enfants, adolescents et parents, ainsi qu'un accompagnement individuel, des consultations, un soutien spécialisé centré sur les traumatismes vécus, des thérapies ainsi que toute une série de formations.

#### Pour en savoir plus :

[www.trauerwee.lu](http://www.trauerwee.lu).

# Sponsored run

6. Juni 2025

Wei all Joer hunn d'Schoulkanner aus dem *Kuebebongert* am Kader vun der Schoulsportwoch hire "Sponsored Run" organiséiert. Mat voller Begeeschterung a vill Ausdauer sinn d'Kanner hir Ronne gelaf an dobäi sinn eng ettlech Kilometer zesummekomm. Den Erléis wäert dëst Joër un d'Veereenegung "Päerd's Atelier asbl" goen.



# Sponsored run

6 juin 2025

Comme chaque année dans le cadre de la semaine du sport scolaire, les élèves du *Kuebebongert* ont organisé leur « Sponsored Run ». Avec beaucoup d'enthousiasme et d'endurance, les enfants ont parcouru un grand nombre de kilomètres. La recette de cette année sera reversée à l'association « Pærd's Atelier asbl ».



# Déi Jonk vu gëschter vu Feulen

## Les « Jonk vu gëschter » de Feulen

### Generalversammlung

13. Februar 2025

Fir déi 18. Kéier hunn déi *Jonk vu gëschter* op hir gutt besichte Generalversammlung an den *Hennesbau* invitéiert. D'Presidentin Viviane Reinartz-Krack huet jidderee wëllkomm geheescht. E Merci goung un d'Gemeng an hiert technesch Personal fir déi gutt Zesummenaarbecht an un de Komitee an d'Membere fir hiren Engagement an hir Trei.

No enger Gedenkminutt huet d'Sekretärin Marianne Welter-Heintzen déi verschidden Aktivitéite vum Joer 2024 Revue passéiere gelooss: 20 Porte-ouverten, 6 Sëtzunge vum Komitee a ronn 230 aktiv Memberen, déi matgemaach hunn.

En Uleies vum Veräin ass et weiderhinn, datt d'Porte-ouverten erëm besser besicht ginn.

#### Fir 2025 si folgend Aktivitéite virgesinn:

- De Fréijoerstour (23. Abrëll);
- Eisekuche baken an engem Supermarché (30. an 31. Mee);
- Rees op d'Lüneburger Heide (2. bis 5. Juni);
- Mammen- a Pappendagsfeier (12. Juni);
- Grillfest (10. Juli);
- Niklosfeier a Chrëschtmaart am Dezember.

Trotz engem klengen Defizit konnt d'Caissière Marcelle Rodesch-Schwartz eng gesond Finanzsituatioun konfirméieren. Dës gouf vun de Keesserevisore Roland Philippe a Roger May bestätegt. Am Numm vun der Gemeng Feulen huet de Rajesh Etgen op d'Wichtigkeet vum Feelener Senioreveräin higewisen, an dat grad, wann et ëm d'Zesummeliewen an der Gemeng geet.

Ofgeschloss gouf déi 18. Generalversammlung mat engem Fueskichelchen an enger Taass Kaffi.

De Komitee vun *Déi Jonk vu gëschter* setzt sech folgendermoossen zesummen:

- Viviane Reinartz-Krack (Presidentin);
- Marianne Welter-Heintzen (Vizepresidentin a Sekretärin);
- Marcelle Rodesch-Schwartz (Caissière);
- Camille Braun, Léa Busto-Wingert, Laurent Kayser, Aloyse Ottelé, Loni Reding-Gillen, Fons Schmitz a Jacqueline Schreiner (Memberen).

### Assemblée générale

13 février 2025

Cette année, les *Jonk vu gëschter* ont invité à leur 18<sup>e</sup> assemblée générale. La présidente, Viviane Reinartz-Krack, a souhaité la bienvenue à tous et a remercié la commune et son personnel technique pour la bonne collaboration. Le comité et les membres ont été félicité(e)s de leur engagement et de leur fidélité.

